

75 JOER 1937-2012 COMITE ALSTAD

NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

14/2012

Virwuert

## Um Enn vun onsem Jubiläumsjoer

wëlle mer fir d'éischt all deene vun Iech merci soen, déi ons heibei ënnerstëtzt an encouragéiert hunn:

Fir d'éischt Iech, léif trei Cliente vun onsen Editiounen, dann den Autoritéite vu Stad a Land, onse Sponsoren, an all deene Leit, déi bei onsen Organisatiounen derbei woren.

Mir mengen, mir hätten ons 75 Joer gutt gefeiert: eng schéin Éimaischen, e gutt besichten Aulebäckermaart, an déi zwee wonnerbar Concerten, dee vun der Militärmusek an dee mat der Kantat iwwer d'Ermesinde an d'Melusina.

Et geet nach weider, an dir fannt d'Détailer an dëser Nummer:



Foto: Carlo Hommel

Um Enn vum Joer brénge mer onsen traditionnelle Plang vun der Stad eraus, mee dëst Joer hu mer nach zwou besonnesch Saache fir Iech : Fir ons Kleng, hir Elteren a Grousselteren, brénge mir dem Georges Schmitt séng "Seeche vum Zinniklos" nei eraus. A fir ons selwer an Iech all e richteg schéine Gebuertsdagscadeau ze man, hate mir d'Iddi vun engem Buch iwwer d'Alstad. Et gëtt e besonnescht Buch, mat neie Fotoe vum Carlo Hommel, an Texter vum Isabelle Yegles-Becker a Claude Esch, alles aktiv Membere vum Comité Alstad. Ons Alstad gëtt hei op eng originell Art a Weis no Critère vun Architekturepochen duergestallt, an dir fannt e Circuit iwwer 33 Etappen, esou wéi et am Claude Esch senger Serie "Ronderëm de Fëschmaart" ugedeit wor.

Mir wënschen Iech mat dësen neien Editioune vill Freed, a wënschen elo schonn all Guddes fir d'Feierdeeg an dat neit Joer!

De Comité Alstad

## OPRUFF

### Fotoë vun der Alstad gesicht.

De Comite ass zanter e puer Joer amgaang e Fotoarchiv opzebauen a wier ganz frou iwwer är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn), Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher ewéi z. B. Prossessiounen, Kommuniounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoën oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze din hunn.


De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoën oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatioune brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.

**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1013 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • **Fax:** 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu

# D' Seeche vum Zinniklos

Text a Biller vum Georges Schmitt




*T'ass owes am Wanter a kal an naass*
*Et spillen dräi Bouwen nach an der Gaass*
*Se spillen a spillen a ginn net uecht*
*A rondëm se gëtt et stackdäischter Nuecht.*

*Se spillen a lafen ewech vum Haus*
*De Breedewee of an zur Paart eraus*
*An ëmmer nach weider, - si passen net op*
*An dann iwwer d'Uelzecht, laanscht d' Schanz erop.*
*Se lafe bis op de Verluerekascht*
*Do hunn s'ausser Otem eréischt gerascht.*

Esou fänkt dat Bichelchen « D'Seeche vum Zinniklos » un, dat de Georges Schmitt (Grënner vum Comité Alstad) am Uelzecht-Verlag 1944 erausbruecht huet. An dëst Joer, wou de Comité Alstad de 75. Joeresdag vu sénger Grënnung feiert, brénge mir d'Geschicht vun dem Hellege Mann als Faksimile nei eraus. Den Text hu mir esou gelooss, wéi de Georges Schmitt e geschriwwen huet. Op deene leschte Säite vum Bichelche fënnt de Lieser awer och den Text an der offizieller Lëtzebuerger Schreifweis. De Rob Baddé huet den Text deementspriechend iwwerschafft.

*D' Bichelchen « D'Seeche vum Zinniklos » huet d' Format 165 x 210 mm an huet 24 Säiten. Bestelle kann een d' « D'Seeche vum Zinniklos » vun elo u bis den 20. November 2012 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vu 15 € pro Buch op ee vun onse Konten:*

| | |
|---|---|
| **Spuerkeess :** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck :** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |
| **BGL-BNP Paribas :** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |

Är Bestellung kënnt dann nach virun de Feierdeeg um Postwee bäi Iech heem.

Mir wënschen Iech vill Freed mat der « Seeche vum Zinniklos », a vläicht liest d'Mamm, de Papp, oder d'Groussmamm an de Grouspapp hire Kanner an Enkelkanner dës flott lëtzebuergesch Geschicht esou kuerz virun Niklosdag vir.

# Plang vun der Stad a Festung Lëtzebuerg (1702)

Zesumme mat enger Kaart vum Herzogtum Lëtzebuerg, gouf dëse Plang 1702 zu Amsterdam am « Atlas Portatif, ou le Theatre de la Guerre en Europe » vum Daniel de la Feuile publizéiert.

Den Daniel de LA FEUILLE gouf ëm 1640 zu Sedan gebuer an ass zu Amsterdam am Joer 1640 gestuerwen, 1683 gouf hie Bierger vun Amsterdam an huet sech als Händler, Editeur a Graveur vu Kaarten a Porträen, an als Auermecher do niddergelooss.

Elo fir d'Feierdeeg vum Joeresenn kënne mir Iech e Faksimile vun dësem Plang zum Präis vun 12,50 € ubiddden. D' Format vum Plang ass 118 x 173 mm. En ass gedréckt op Pobeier 300 g/m² (Conqueror) am Format DIN A4.




Bestelle kann een de Plang vu Stad a Festung Lëtzebuerg beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun 12,50 € (Porto abegraff) op ee vun onse Konte bei

| | |
|---|---|
| **Spuerkeess :** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck :** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |
| **BGL-BNP Paribas :** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |

mam Vermierk: Plang vun der Stad a Festung Lëtzebuerg (1702). Är Bestellung kënnt nach virun de Feierdeeg um Postwee bei Iech heem.

Wann Dir nach op der Sich sidd no engem spezielle Cadeau fir är Famill oder Frënn, esou ass dat hei vläicht eng gutt Iddi.




# LËTZEBUERG ALSTAD –VIEILLE VILLE

Fir onse 75. Anniversaire bréngen d'Editions Schortgen an Zesummenaarbecht mam Comité Alstad e schéint neit Buch eraus iwwert ons Alstad. Dat Buch verzielt vun 33 Gebaier aus der Alstad, déi gréisstendeels am enke Perimeter vum Bock bis hin zum Gruef (rue du Fossé) leien.

Dee Spadséiergank féiert ons kräiz a quiesch duerch d'Stroosse vun onser Alstad, a gëtt zu enger Zäitrees duerch déi verschidden Architekturstiler. Mir kucken ons d'Fassaden un, liesen op hinnen hir Geschicht of, a léieren eppes iwwert déi fréier Zäite kennen. Mir entdecken, wat sech an de Gebaier an de leschte puer honnert Joer zougedroen huet, wéi se sech am Laf vun der Zäit verännert hunn, a wéi se genotzt goufen. Onsen Tour beschäftegt sech mat enger ganzer Partie privaten Haiser, verschiddenen historesche Plazen, a setzt besonnesch déi öffentlech Gebaier wéi de Palais, d'Chamber oder d'Museen an de Mëttelpunkt. D'Buch setzt sech zesummen aus Texter vun der Historikerin Isabelle Yegles-Becker, a vum Claude Esch senge lëtzebuergeschen Anekdoten, an ass mat zäitgenëssseche Fotoe vum Carlo Hommel illustréiert, deen d'Gebaier aus enger ganz neier Perspektiv duerstellt.

Bestelle kann een dat flott an intressant Buch beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun 44 € op ee vun onse Konte

**Spuerkeess :** IBAN LU64 0019 1755 0897 0000
**Postscheck :** IBAN LU02 1111 0080 8736 0000
**BGL-BNP Paribas :** IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

(mam Vermierk: Buch Alstad)

D'Buch huet e Format vu 24 x 29 cm (italienescht Format), 176 Säite mat ville Fotoen, e Buch, dat a kenger gudder Bibliothéik feelen däerf.

Ärt bestallte Buch kënnt dann nach virun de Feierdeeg um Postwee bäi Iech heem.

## D'Spill vum Hellegen Niklos

Viru genee 75 Joer, et wor den 4. Dezember 1937, gong iwwert d'Antenne vu Radio Lëtzebuerg « D'Spill vum Hellegen Niklos », geschriwwe vum Grënner vum Comité Alstad, dem Georges Schmitt.

Haut, 75 Joer méi spéit, den 2. Dezember 2012, um 16:00 Auer um Knuedler, présentéire mir Iech

**« D'Spill vum Hellegen Niklos »,**

e bëschen iwwerschafft an opgefouert vun de 'Clausener Theaterfrënn'.

All grouss a kleng Frënn vum Hellegen Niklos sinn häerzlech invitéiert, fir bei dësem klenge Spektakel derbei ze sinn.

# De Comité Alstad, d'Éimaischen an och Aneres (2)

Zesummengestallt vum Claude Esch

Et wor am Joer 1937, wéi e puer Alstater an och Frënn vun der Alstad, nämlech d'Häre Gust. Hoffmann, Jos. Parmentier, Pierre Feidert a Jemmy Koltz, sech mat den Häre Georges Schmitt (Conservateur am Musée) a Lambert Schaus (Staatsrot, Minister an Ambassadeur) zesumme fond hu fir de Quartier vun der Alstad, an am besonneschen dat uraalt Volleksfest, d'Éimaischen, erëm nei opliewen ze loossen. An der Mëtt vun den drësseger Joeren huet d'Éimaischen riskéiert, hir Popularitéit an Attraktivitéit ze verléieren. E puer Pessimisten hu souguer geklot «D'Éimaischen stierft, d'Éimaischen ass dout». A fir dat ze verhënneren, gouf du en „Organisatiounscomité fir d'Éimaischen" an d'Liewe geruff, an de Lambert Schaus wor President vun dësem Organisatiounscomité, aus deem du spéider de Comité Alstad entstanen ass.

Wéi ech dann esou d'Informatioune gesammelt hunn, fir dës Chronik ze schreiwen, ass mer en Zeidungsartikel ënnert d'Hänn komm, geschriwwe vum Georges Schmitt a publizéiert den 31. Mäerz 1945 an der „Hémecht" N°27 (erausgi vun der Unioun vun de Lëtzebuerger Freiheetsorganisatiounen). Ech wëll dëse flotten Artikel hei esou erëmginn, wéi de Georges Schmitt e geschriwwen huet: E'maischen! - We' mer nach eso' Bimmerte woren, de' grad an d'Scho'l go'ngen, dat sin elo gudd drësseg Joer hir, wor d'E'maischen nach al spâsseg. Zimlech fre' am Muergen huet d'Getûts, d'Gepeifs ann d'Geflëts d'Flëschiergâss of ann um Fëschmârt schons ugefângen, an et huet sech de ganzen Dag net me' ginn. Um zëng Auer hat jiddere vun ons sei bôrt Râchfâss um dämpen a stënken, den e'schte Pickvillchen wor schons gehimmelt, d'Sprud-deldëppche gebascht, a vir Mëtteg hu mer scho gegirks vun déne sëllechen O'schteréer. D'Jarre si gângen, de Kréckelfëx huet gekréckelt, d'Trotere getrotert, d'Stoppsche'sse geknâlt, d'Kanner gekrasch, d'Mamme gejaut. Et war iech eng Fred er uechtzëng. An de Lömmelsjoren si mer aus Spâss d'Flëschier-gâss erop an erof gestrieft, a mer hu Course gemâcht matzen an dér Hellewull Leit. Mer hu Rëppeste'ss kritt ann ausgedelt, méschtens de Medercher, ewe' d'Efalten. Derno, we' ons de Verstand mat de Boxe gewuess ass, krute mer aner Naupen. Déne le'we Jëfferchen aus den Quartjen hu mer wuel keng Tase me', mat "aus Liebe" drop, geschenkt, we' dat soss de Brauch wor, ma et kann e jo och geschappten Nougat oder gebrann-ten Nëss an eso'gur Afen un enger Fissel mat Gefill iwerréchen. An du ko'me mer och aus dém Zant. Mer go'ngen op d'Scho'l, a we' mer erëm dohem woren ann eso' lues an de Verdëngscht ko'men, huet e Pättchen er zwe'n ënnert de Steiler ons me' gesot ewe' d'Gedrëcks ann d'Gewulls op dem Fëschmârt ann an der Flëschirgâss. Mer hun ons d'Sâch vu weidem ugekuckt. Ann iwerhâpt, d'E'maische ko'm eso'lues op den Hond. Elauter des frieme Geschir, so'wuel Leit ewe' Sâchen! Bis mer zo' en etlech alstater Jongen op den Idi ko'men, ons selwer der Sâch unzehuelen. Du go'w e Comité op d'Be gesat a probe'ert, der E'maischen eng aner Nues ze ginn. E Volleksfest sollt et erëm sin, mat engem egene Gesîcht, net eng Kirmes ewe' iwerall! En Dag op dem de' Jong ann de' Al, de' Arm ann de' Reich nes zesumme ke'men an der sche'ner aller Stat, ewe' fre'er.

Wat ko'm derbei eraus? 1937 hu mer ugesât. An der Flëschirgâss go'w eng Pârt opgerîcht ann um Ro'scht e Bam mat Grëngs, farwege Fletschen a Männercher drop. D'Tëcken mat den Eer op der Platz, O'schteren no der Vesper go'w erëm agefe'ert. D'Wirt ëm de Fëschmârt hu sech nei Hausschëlder mâche geloss mat de Niem vun de Staminéen aus der aler Zeit. Jongen a Mëdercher go'wen a Kleder gestach vun Urgro'sspappzeiten, fir d'Prënzekanner, hir Noperen, op der E'maischen ze ëmpfänken.



Die erbgrossherzogliche Familie auf dem "Emaischen-Markt"
Foto: Lé Sibenaler (Archiv Wort)

A well et dat e'scht Joer eso' gudd gange wor an d'Leit es all zefridde woren, si mir weider gefur. 1938 go'we Vollekslidder an den Wirtshaiser gesongen bis spe't an d'Nuecht eran, en Nuetswiechter mat Huer a Lanter huet de Gäscht d'Zeit gesot, ma se soss mat Ro' gelôss, et go'wen fir e gudd Wîrk Biller verkâft: de blannen Theis, de Kanon'er, de Schuechtegféer. Me'ndesmëttes go'w op der Plâtz e Stëckelche gespillt: De wëlle Mann kënt hem, ma et wor e bësche lânscht geroden.

1939 haten d'Leit erëm den Zock, fir O'schterme'ndeg op den Fëschmârt ze kommen ann eso' lâng ewe' me'glech doze-bleiwen. D'Wîrt hu gezâpt ewe' nach ni. Jidderen hat sech e Musikant besuergt. Al Spichten a Schnôken sin erzielt gin, et go'w gesongen a gelâcht zefrecks. D'Crèche krut den Erle's vum Äschenteller krit, de' mer dat Joer erausgo'wen. Ann de Pe'terse Jang aus dem Reckendall huet ëmmer me' sche' Pickvillercher gebâck ann op den Mârt bruecht.

Du ko'm de Krich a kurz drop d'Preisen. De Fëschmârt ann d'E'maischen, dat wor zënter honnerte Joren e Begrëff. Ma si hunn dat lîchtschâtz geholl. Eng Kirmes mat Perderchesspiller, mat Kluntschelen, a Sche'ssbuden hu se draus gemach, dat Dëngen op den Knuedler verluergt ann et E'maische genannt. Sot emol, Moulings! Nen, dat wor keng! De' E'er krute se nëtt. De' wisst nëmmen um Fëschmârt. Do leit s'am Buedem d'ganzt Joer ze schlofen, fir am Fre'jor nes erauszewuessen.

Ann det Joer? Abé, am Musée wird der et gesin. Wuel keng E'maischen. Ma am Ruem vun enger Austellong, hiren Ufank vleicht ann eng Seit vun hirer Geschicht*).

Esou wäit dem Schmitte Georges säin Artikel iwwert d'Éimaischen an d'Grënnung vum Comité Alstad.

*\) *Ausstellong: „Aullen ann Aulenbecker" vun O'schterme'ndeg bis Weissen O'schtersonndeg.*

*(weider an der Alstad News 15)*